

REÇU
Par Alf Christian, 15:01, 16/09/2020

Monsieur Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés
Luxembourg

Luxembourg, le 16 septembre 2020

Monsieur le Président,

Conformément à l'article 84 de notre règlement interne, nous vous prions de bien vouloir transmettre la question parlementaire **urgente** suivante à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics et à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure.

Après avoir été confronté avec des véhicules extérieurs dont un autobus dans une descente de la première étape du Tour de Luxembourg, les coureurs se sont mis en grève à l'occasion de la deuxième étape. Une grande partie de l'étape a été neutralisée et la course s'est limitée aux derniers 60 kilomètres.

- Nous aimerions dès lors savoir de Messieurs les Ministres quelle est l'envergure et quelles sont les mesures réglementaires et préventives qui ont été prises pour éviter de tels incidents et ainsi assurer tant que possible la sécurité des coureurs et aussi des utilisateurs de la voie publique et épargner une publicité négative à cet événement sportif de haut niveau ?
- Quelles sont les mesures qui tombent sous la responsabilité de l'organisateur ?
- Quelles sont le cas échéant les nouvelles mesures préventives, infrastructurelles de signalisation et autres qui sont envisagées ?
- Où se situe le cas échéant la responsabilité en cas d'accident ?

Veillez croire, Monsieur le Président, en l'assurance de notre profond respect.



Mars Di Bartolomeo
Député



Claude Haagen
Député

Le caractère urgent de la question a été reconnu (16.09.2020)



Luxembourg, le 22 septembre 2020

REÇU
Par Christine Wirtgen, 15:20, 22/09/2020

**Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement**

**Service Central de Législation
Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune du Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, du Ministre des Sports et du Ministre de la Sécurité intérieure aux questions parlementaires urgentes N°2833, N°2841 et N°2845, concernant le Skoda Tour de Luxembourg, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics**

**Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten,
vum Här Dan Kersch, Sportsminister a vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet
zu den dréngende parlamentaresche Froen
Nr 2833 vum 16. September 2020 vum éierbaren Deputéierten Här Marc Goergen,
Nr 2841 vum 16. September 2020 vum den éierbaren Deputéierten Här Mars Di Bartolomeo an Här
Claude Haagen,
Nr 2845 vum 16. September 2020 vum éierbaren Deputéierten Här Jeff Engelen**

Mat hire parlamentaresche Froe froen déi éierbar Députéiert Informatiounen iwwer d'Organisatioun vum Tour de Luxembourg 2020.

Well de Code de la route beseet, dass all Sportscompétitioun op ëffentleche Stroosse verbueden ass, ausser wann de Minister, deen den Transport a sengen Attributiounen huet, et autoriséiert, muss eng Vëloscourse am viraus am Aklang mat de Bestëmmunge vum Artikel 3 vum ofgeännerte Gesetz vum 14. Februar 1955 betreffend d'Reglementatioun vum Verkéier op all ëffentleche Stroossen, déi dem Minister d'Muecht ginn am Beräich vu Sportseventer op der ëffentlecher Strooss Autorisatiounen auszeginn an d'Konditiounen dofir festzeleeën, guttgeheescht ginn, esouwéi och am Aklang mam Artikel 143 vum oofgeännerten Arrêté grand-ducal vum 23. November 1955 iwwer d'Reglementatioun vum ëffentleche Stroosseverkéier, dee sech op sportlech Kompetitiounen bezitt an d'Vepflichtunge fir den Organisateur vum enger Course festleet, besonnesch wat d'Ofdeckung duerch eng speziell Versécherung, d'Beschëlderung vum der Streck oder d'Begleedung duerch Gefierer ugeet.

Eng Ufro vum engem Organisateur fir eng ministeriell Autorisatioun fir e Vëlosevent ze kréien, muss duerch d'Vëlofederatioun gemaach ginn, déi de Joreskalenner vu Vëloscourse mécht, an et mussen eng Rei Dokumenter dobäi sinn, ewéi z.B. de Wee, d'Horairen, d'Konditiounen vum der Stroossebauverwaltung an déi vun der Police.

Den Oflaf vum der Course geschitt ënner der Verantwortung vum Organisateur a muss deem entspreche wat d'Autorisatioun an déi dozou passend Annexe virschreiwen.

Déi betreffend Vëloscourse Tour de Luxembourg 2020, aus der Kategorie UCI Pro Series, gouf de 6. August 2020 vum Mobilitéitsminister fir d'Zäit vum 15. bis den 19. September 2020 autoriséiert.

Den Organisateur vum Tour de Luxembourg huet d'Konditiounen fir eng Autorisatioun erfëllt, esou wéi et aus der Demande vum 13. Juli 2020 ervirgeet:

- D'Vëloscourse ass am Evenementskalenner vun der F.S.C.L. am Oktober 2019 opgeholl ginn an si gouf zesumme mat der Police als Vëlosevent an der entsprecherender Sécherheetskategorie klasséiert.
- D'Demande fir d'Autorisatioun gouf ewéi virgeschriwwen wéinstens 4 Woche virum Event ofginn.
- Den Demandeur huet bei senger Ufro eng Assurance bäigeluecht, déi d'Responsabilitéit vun den Organisateuren vum betreffende Vëlosevent ofdeckt.
- Den Demandeur huet sech verpflichtet dass d'Participanten duerch individuell Haftpflichtversécherungen ofgedeckt sinn.
- Den Demandeur hat eng Consultatiounsversammlung mat de concernéierte Gemengeverwaltungen an de kompetente Servicer vun der Stroossebauverwaltung fir sécherzestellen dass et keng aner Eventer gëtt (Stroossebau, Manifestatioun oder soss eppes) déi méiglecherweis de gudde Verlaf vun der Vëloscourse hätte kéinte stéieren.
- Stroossebauverwaltung huet hiren Accord de principe de 26. Juni 2020 ginn.
- Den Demandeur hat Consultatiounsversammlunge mat der Police, déi hiren Accord de principe de 16. Juni 2020 ginn huet.

- De geplangte Wee präziséiert d'Uertschaften a Stroossen, d'Horairen, d'Police-Eskort an d'Detailer vun de jeeweilige Posten.

- Den Organisateur huet sech verpflichtet d'Sécherheetsmoosnamen ze organiséieren déi wesentlech si fir de Service vun der Uerdnung ze garantéieren an d'Stroosésécherheet ze schützen, inklusiv d'Posten, d'Agente vun der Police a Commissairen (op seng eege Käschten).

Am Sënn vun der Stroosésécherheet muss den Organisateur och dofir suergen dass:

- D'Course virun de Velofuerer duerch e Gefier mat Blénkluchten a mat engem Schëld wou „Course cycliste“ dropsteet an hannert de Velofuerer duerch e Gefier mat Blénkluchten a mat engem Schëld wou „Fin de course“ dropsteet begleet gëtt;

- D'Cyclisten an aner Participanten d'Reegele vum Code de la route kennen, well deen applizéiert muss ginn, ausser am Fall wou d'Interventioun vun der Police den Oflaf vun der Course reegelt.

Den Organisateur iwwerhëlt d'Verantwortung fir all Accident oder Schued, dee während dem betreffenden Event geschitt ass, entweder un de Partecipante vun der Course, un Drëttpersonen oder un der öffentlecher Ausrüstung.

D'Autorisatioun vum Mobilitéitsministère an d'Accorde vun aneren Institutionen verfale wann den Organisateur net de virgeschriwwene Konditiounen gerecht gëtt.

Wat ennert Anerem d'Circulatioun vu Bussen op der Streck vun der Vëloscourse ubelaangt, ass folgendes unzemerken:

D'Koordinatioun tëschent dem Mobilitéitsministère an dem Organisateur, respektiv de betraffene Gemengen, a punkto Bussen gëtt vum Service Chantier RGTR aus dem Transportdepartement, Direction des transports publics, assuréiert.

Fir de Skoda Tour de Luxembourg krut dee Service vun den Organisateuren Enn August den allgemengen Tracé vun der Streck, fir kënnen eng Viraarbecht ze leeschten an d'Analyse ze maachen, wéi vill Buslinnen a Faarten ëmgeleet misste ginn.

An enger zweeter Phas krut de Service Chantier déi definitiv Verkéiersreglementer vun de Gemengen respektiv vun der Stroossebauverwaltung. Déi Reglementer sinn als Ënnerlag benotzt gi fir all d'RGTR Buslinnen, déi hiren Tracé op der Streck hunn, kënnen propper ëmzeleeden an awer nach d'Passagéier mat net ze vill Retard schnellstméiglech op hir Destinatioun ze bréngen.

No de Bestëmmunge vum Artikel 100 vum oofgeännerten Arrêté grand-ducal vum 23. November 1955 gouf de Verkéier also während der Manifestatioun temporär op de Staatsstroossen duerch ministeriell Reglementer gereegelt. Deemno si je no Deelstécker vun der Streck entweder Fuerverbueter an eng oder zwou Richtungen, respektiv Parkverbueter reglementéiert ginn. Déi entspreichend Verkéiersschëlter gi vun der Stroossebauverwaltung opgeriicht.

Zousätzlech huet de Service Chantier RGTR d'Informatioun vun der Stroossebauverwaltung kritt, dass op deene Punkten op deenen aner Stroossen de Circuit kräizen, den Verkéier fir de Passage vun der Course vun der Police géif ugehale ginn, an duerno kéint normal weiderfueren.

Wichtig ass et nach ze präziséieren dass d'Direction des transports publics de ganzen RGTR Busreseau koordinéiert; aner Faarten ewéi z.B. de Grondschooltransport, Gemengennavetten, asw. awer ënnert d'Responsabilitéit vun de Gemenge falen.

Ze erwähnen ass, dass d'Police dee selwechten Sécherheetsdispositif zur Verfügung gestalt huet ewéi all Joers an esouguer no deenen éischten Incidenten nach opgestockt huet.

Déi Virfäll aus dem Tour de Luxembourg 2020 sinn natirlech bedauerlech. Déi vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten ausgestalteten Ausnahmereegelung fir Sportsmanifestatiounen enthält kloer Regeln an déi mussen applizéiert ginn. Et muss een an engem Debriefing mat alle concernéierten Akteuren, des Situatiounen analyséieren an zesammen kucken wéi een esou Tëschefäll an Zukunft ka verhënneren an d'Sécherheet vun de Sportler besser kann garantéieren. Et ass am Sënn vun allen Akteuren dass d'Sécherheet bei esou Organisatiounen un éischer Stell steet, an dofir muss een alles drusetzen fir an Zukunft esou Tëschefäll wa méiglech ze verhënneren.